N°8056
Entrée le 02.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Universitéits- an Héichschouldiplomer, déi een am Ausland erhält, muss een zu Lëtzebuerg an de Registre des Titres androe loossen, wann een se hei am Land wëll unerkenne loossen. An der Reegel ass esou eng Unerkennung net néideg, wann den Diplom vun engem Lëtzebuergeschen Ausbildungsinstitut ausgestallt ginn ass, well da gëtt en automatesch enregistréiert. Et kann ëmmer sinn, dass den Diplom guer net unerkannt gëtt an eng Inscription am Registre refuséiert gëtt vum Ministère.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi laang huet et an der Moyenne an deene leschte 5 Joer beim Ministère gedauert, fir eng Demande fir eng Unerkennung vun engem auslänneschen Diplom ze traitéieren?
   Wat war d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus engem EU-Land? Wat d'Moyenne fir Persoune mat Diplom aus engem Net-EU Land?
2. Op déi leschte 5 Jore gekuckt, wéi laang hunn d'Persounen am éischten an am leschte Quintil misste waarden, bis hir Demande vum Ministère traitéiert gouf?
3. Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi längste Waardezäit, fir eng Demandeze traitéieren?
   Wat war an deene vergaangene 5 Joren déi kierzte Waardezäit, fir eng Demandeze traitéieren?
4. Wéi vill Prozent vun den Demandë ginn ofgeleent? Wat ass heifir den heefegste Grond?
5. Ass den Här Minister der Meenung, dass d'Delais de Traitement sollte verkierzt ginn?
   - Wa jo, wéi eng Méiglechkeete gëtt et, fir dëst z'erreechen?
   - Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten